piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Gewalt am Stot ass ee wichtegt Thema an et ass wichteg dëst permanent ze thematiséieren, fir dass d'Affer vun haislecher Gewalt doriwwer informéiert sinn, dass hinne ka gehollef ginn. A ville parlamentaresche Froe gouf dëst d'Thema dofir schonn opgeworf (rezent an der Fro n°2977 vun 2025). Iwwert 1000 Fäll goufen am Joer 2024 gemellt.

Bei haislecher Gewalt kann et zu Situatioune kommen, an deenen d'Affer aus Angscht, Iwwerfuerderung oder wéinst der Präsenz vu Kanner net direkt bei d'Police ginn an dëst mellen. Grad, wann och ee klengt Kand an der Wunneng ass oder Gewalt materlieft huet, ass et schwéier fir Affer, fir séier ze reagéieren.

Et ass dofir méiglech fir een Affer, bis zu 14 Deeg nom Virfall nach eng Plainte bei der Police ze maachen, fir de Gewalttäter- oder täterin aus dem Haus z'expulséieren. Duerno besteet nach d'Méiglechkeet nach beim Familljeriichter unzefroen, fir datt déi expulséiert Persoun net zeréck an d'Wunneng dierf.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vun haislecher Gewalt goufen an de leschten 10 Jore gemellt?
   Wéi vill dovunner goufen direkt gemellt a wéi vill eréischt no engem Dag?
   Wéi vill Fäll goufen no enger Woch gemellt?
   Wéi vill goufen nom Delai vun 14 Deeg gemellt?

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés

2. Wéi gëtt séchergestallt, dass bei Gewalt am Stot, wou Kanner betraff sinn oder Gewalt materlieft hunn, de Schutz vum Kand am Vierdergrond steet, notamment beim Suergerecht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten